N°807
Entrée le 25.06.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Äntwert vum Här Inneminister, Léon GLODEN, op d'parlamentaresch Fro Nr. 807 vum 28. Mee 2024 vun den honorabelen Deputéierten André BAULER a Luc EMERING zum Sujet vun der "Police um Flughafen"**

**Fro 1) Wéi gesäit d'Organisatioun vun der Police um Findel konkret aus?**

D'"Unité de la police de l'aéroport" (UPA) besteet nieft der Direktioun, dem Service expertise documents (SED) an der Cellule FRONTEX, haaptsächlech aus zwee grousse Servicer: de Service de contrôle à l'aéroport (SCA) an de Service de garde à l'aéroport (SGA).

Den SCA ass fir d'Iwwerwaachen an d'Kontroll vun der eenzeger Baussegrenz vum Land zoustänneg. D'Haaptmissioun vun dësem Service ass et ze kontrolléieren, dass d'Passagéier déi an oder aus dem Schengenraum reesen d'Konditioune fir den Zougang, d'Verloossen oder den Openthalt am Schengenraum erfëllen.

Den SGA ass zoustänneg fir d'Sécherung an de Schutz vum Site vum Flughafen. Dëse Service mécht Patrullen um an ëm de Flughafen an huet och nach divers aner Missioune wéi zum Beispill Auditten am Beräich vun der Sécherheet vum Flughafen.

**Fro 2) Wéi vill Beamte sinn do reegelméisseg am Asaz?**

D'UPA besteet aus 81 Polizisten an 8 Zivilisten, wouvun d'Majoritéit den zwee grousse Servicer affectéiert ass (SCA an SGA). Aus Sécherheetsgrënn kënne keng weider Detailer zu der Opdeelung vum Personal ëffentlech gemaach ginn.

**Fro 3) A wat fir engem Mooss ënnerscheet sech hir Aarbecht vun där vun der Douane?**

Der Police hier Haaptmissiounen um Flughafen sinn d'Grenzkontrolle vun de Passagéier an d'Sécherheet vum Flughafen. D'Douane befaasst sech primär mam der Frachtkontroll an der Kontroll vum Gepäck vun de Passagéier déi areesen.

**Fro 4) Ass et virgesinn, fir d'Präsenz vun der Police um Flughafen ze verstäerken a méi visibel ze maachen?"**

Duerch de verstäerkte Rekrutement vun der Police soll och d'Personal vun der UPA weider wuessen.

Lëtzebuerg, den 24. Juni 2024
Den Inneminister
(s.) Léon GLODEN